



Mensder oder Menster

Dat schéngt an deer sympathescher Uertschaft bei Nidderaanven, dat iwregens bei de Réimer ANDETANA geheescht huet, eng ‚Existenzfro‘ ze sinn, op deer en etlech Leit reiden. Déi ‚Mensder‘ sinn ower net eleng mat der Schreifweis vun hirem Duerfnumm gehäit. Wann dir ower z.B. Texter iwwer Mensder am Internet kucke git, da fannt dir et net eng eenzeg Kéier mat deem <t> an der Mëtt; am Nopeschduerf ‚Betzder‘ ass dat jo iwregens och de Fall, well **d‘Schlussilb <-der> steet jo fir ‚Duerf/Dorf‘ an net ‚Torf‘**. Et dréint sech bei deer Zermeeschtereie och bestëmmt net em eng Majoritéit vun de Mensder Leit, mä em déi bekannt ‚minorité agitante‘, déi de Gemengeréit den Damp waarm mécht...elo gëtt geschwë gewielt, gelldir.

Vru 50 Joer wier déi Knadderei guer net opkomm, well do huet jo nach kee Mënsch un en Uertschaftsschëld mam Lëtzebuurger Numm geduecht. Dat ass eréischt no 1971 komm, wéi eis Actioun-Lëtzebuergesch gegrënnt war, a mir de Ministere Jemp Bücheler a Jean Hamilius en Ouer vum Kapp gebiedelt an hirer ‚Ponts&Chaussées-Verwaltung‘ eng Lëscht mat deenen Honnerte vu lëtzebuergeschen Uertschaftsnimm verschafft haten; datselwecht beim Här Postdirekter Jos. Heinen.

An deer ‚Nomenklatur‘ war och dës oder déi Knätzchen, z.B. ‚Mierkels‘ fir ‚Mäer-kels‘ bei Wolz; sou ass dann och ‚Menster‘ eragerëtscht, wat kloer déi ‚désinence‘ vun <-dorf/duerf> iwvergeet...mä wien näischt mécht, deen näischt brécht, gelldir. Mä dat ass de Fong vun deer Reiwerei mat <t/d>. Et stong nun emol sou, 1968, am – excellente! – Geographiesbuch vun den dichtege Schoulmeeschteren Emile Erpelding/Alphonse Kettenmeyer mat deem ‚t‘. Et gëtt einfach nëmmen eng Fassong, fir eise Lokalitéiten hire geschriwwenen Numm zerguttst ze fixéieren: **e Gesetz oder en Arrêté grand-ducal**, déi vun de gesetzlech-offiziellen Institutionen ‚Zenter fir d‘Lëtzebuurger Sprooch‘ respektiv ‚Conseil permanent pour la langue luxembourgeoise‘ giffe virbereet ginn. Firwat fällt et kengem an, fir am Frankräich ‚Bordeaux/Bordo‘ oder an Däitschland ‚Mainz/Meins‘ an Dablin aplaz Dublin ze schreiwen?

Am Schwonk vun dese klengen Iwwerleeunge sief dann och **nach eng Kéier un eis Kadasternimm geduecht**. Natierlech haten d‘Leit hei hir Nimm fir déi sougenannt ‚lieux-dits‘; déi ware bestëmmt mat dat Éischt, wat mir an eiser Sprooch – esouguer deelweis vun de Kelten! – haten, Joerhonnerte viru Meyer, Dicks, Lenz oder Rodange. Fir d‘éischt sinn si an enger Zort ‚Steier-Kadaster‘ ënnert der Keeserin Maria-Theresia schrëftlech op de Papeier komm; duerno guff – em 1820 – dee Kadaster opgebaut, dee mir haut kennen...dat alles vu (frieme) Beamten, déi schreiwe konnten, ower keng ‚vun hei‘ waren; déi villes net verstan an net schrëftlech ëmsetze konnten, wat si mat eiser spezieller ‚Lautung‘ gesot kruten! Dofir dann déi sëllegen Nimm, déi ausgesinn hu wéi ‚Päischtochen‘. Hei huet den Direkter Patrice Schonckert direkt matgespillt, wéi mir virgeschloen hunn, all eise Flouernimm hirt lëtzebuergesch Gesiicht erëmzeginn. Deer fannt dir dann elo, mat eisen Uertschaftsnimm, a verschiddene Gréissten **op deer neier Kaart vu Lëtzebuerg**, fir déi vrun allem de Commissaire Marc Barthelemy sich staark gemaach huet. Et ass och eng gutt Saach, dass elo e jonke Spezialist, den Dr. Sam Mersch, sech deer Saach wëssenschaftlech ugehol huet.

Firwat dann elo eigentlech déi sëllegen Nimm? Mä well mir kee Merci wëlle vergiessen a villes jo gär esou séier ‚ausdenkeg‘ gëtt. ☺

Kascht vun hei

Natierlech kann ee bei äis deen nobele Kascht net siche goen, wéi dat a Länner de Fall ass, **wou gekréint Gréisste gelieft hunn, déi vu super Käch à la Escoffier verwinnt guffen**. Dat wëllt ower net heeschen, dass an eiser Géigend net eng Partie originell Mäifelcher a Fassongen entstan sinn, wéi mir si haut nach kennen a vrun allem an de eeleren Editiounen vum Ketty Thull hirem Kachbuch fannen. Dir git ëm-soss an Däitschland, dem Frankräich oder egal wou eis ‚Bouneschlupp‘ sichen. ‚Bohnsuppe, soupe aux haricots, bean-soup...‘ kënn dir vläicht kréien, ower kee Verglach mat eiser Bouneschlupp. Schonn den Numm weist op typesch eises Kascht: ‚schluppen‘ ass nun emol 100% lëtzebuergesch...an huet och als Wuertfeld nach



Eng gudd Bouneschlupp.
Foto: Véronique Haufferlin-Wildgen

aner Bedeitungen: d‘Gréit ass eng Schlupp/schlupp net esou, wann s du do gees/ dréink nach eng Schlupp/ wat ass den Heng e Schlupp-jang!/ Mamma, Schlippi...ee vun den éischte Sätz (ouni Verb), déi e Këndche seet!

Och wa plazeweis eis Bouneschlupp, grad wéi de Kachkéis, nawell gär – sympathesch wéi am ‚Superjemp‘ – veruuzt ginn, sinn si net manner typesch eiser Schlabäizercher, wéi déi Dosen Zorte vun der genësseger italiénescher Pasta, der spuenescher ‚Paella‘, dem portugisesche ‚Bacalhau‘ asw!

vum Lex Roth



Eises!

De Misch hat eng ferm hänken, hien ass de laange Wee duer geschloen, huet sech eng fatzeg ginn a war voller Bëlsen; de Jos huet en operaf an heemgeschleeft, wou dat rosend Märi en och nach ferm erwiedert huet.

Dee Saz ass sproocheméisseg net mat den Hoer erbäigez; **dir kënn et esou a jidfer Humpegespréich oder soss engem Geklaaps héieren**. De Problem fir eis Sprooch ass: Mir sinn äis hirer Eegenart ganz dacks net bewosst. Hei sief iech dann eng Iwwersetzung op Radios- oder TV-Lëtzebuergesch erspuert, well do freet een sech méi wéi eng Kéier, wou dësen oder deen säi Lëtzebuergesch geléiert huet.

Et kann een sech gutt virstellen, dass an eise ZLS (Zenter fir d‘Lëtzebuurger Sprooch) keen agestallt gëtt, deen säin ‚Handwierskgeschier‘ net zerguttst ‚drop‘ huet; firwat ass dat dann net do de Fall, wou Journalisten/Speakeren all Dag a vu mueres bis owes op d‘Leit ‚lassgelooss‘ ginn? Si hu mat Sécherheet dee gréissten Afloss op d‘Sproochgefill vun de Lëtzebuurger. Nach eng Kéier: Firwat gëtt et kee Lëtzebuergesch-Cours fir déi Studenten, déi wëlles sinn, sech op de Mikro an d‘Kamera virbereeden?

Rar oder „gëtt et net“

Dir huet dach bestëmmt ewell héieren, dësen oder deen hätt sech vill a sengem Lie-we **gehäit**, anerer hätten sech **kristillegt**. Net esou heefeg, a jee no Géigend an Uertschaft, begéint een den Ausdrock, dass ee sech vill misst **houen**, wann een zu eppes wëllt kommen. Dat sinn deer Wierder, déi rar sinn; ower et gëtt se nach.

Am Larousse, dem Petit Robert, dem Duden, dem Oxford Dictionary fanne mir och Elementer, deene mir nach a kenger Zeitung oder engem Buch begéint sinn. Iwwegens geet et net onbedéngt duer, **wann ee behaupt, d‘Mamm hätt ni esou gesot**. Déi franséisch, däitsch oder englesch Mamma hu jo och net jidfer Wuert gebraucht/kann, dass an den Dictionnaire vun hirer Sprooch stong...déi ginn himmelwäit iwver all ‚Mammesprooch eraus! Am Lëtzebuergesch gëtt et ower dann nach dee Problem, dass d‘Press an d‘Literatur eiser Sprooch déi Stäip ni ginn hunn, wéi dat an de ‚groussen‘ Idiomen de Fall ass. Ower **mat deene modernen elektronesche Mëttelen krut eis Sprooch eng ‚verréckte‘ Chance**...och wann nach laang net alles ‚paletti‘ geschriwwen gëtt.

Lëtzebuergesch an der Constitution

Egal wéi dat ‚Gedéngels‘ an der Chamber ausgeet: **Eis Sprooch ass esou gutt wéi sécher an eiser Verfassung**. An et ka jo kee soen, d‘Actioun-Lëtzebuergesch hätt näischt mat deem Resultat ze din; dass kënne mir 100% no- a beweisen; am Fong dat Wichtigst, dass eng Organisatioun erreeche kann, déi sech 1971 d‘Lëtzebuergesch als Haaptelement vun hirem Bestoen op hire symbolesche Fändel geschriwwen huet. Dobäi hu mir äis **ni géint eng vun deenen anere Sprooch gestallt, déi (ee Gléck) och hei am Gebrauch sinn**. Dass huet erëm näischt domat ze dinn, dass mir iwwerflësseg Däitsch oder Franséisch am normale Gebrauch vum Lëtzebuergesch ‚um Napp‘ hunn. Deene grouse Sproochen, déi all Dag milliounefach an der ‚Schreif‘ sinn, ka keng aner Sprooch den Damp esou richtig waarm maachen; fir dat butzegt Lëtzebuergesch ass dat muttwëllesst Gemautschs mat aneren Idiomen nun emol en existentielle Problem. An **dat huet mengerwäreg näischt mat naïvem Nationalismus oder Fanatismus ze din!**

Muss dat sinn?

En holperege Wee/aplaz ‚e knubbelege Wee‘
Mat de Leit interagieren/ aplaz ‚zesumme mat de Leit‘
Kierzlech/ aplaz ‚an der Lescht‘
Glitzeren/ aplaz ‚glënneren‘
Sech subjektiv wuelbefannen/aplaz ‚selwer gutt drop sinn‘

An da wéi versprach: Fir emol op D/F ze iwwersetzen:

De Muerzel ronkt wann en entnäipt ass.
Du hues keng Lous an der Kopp.
Schockelasknuppe gëtt Knippercher.
Jips/Strulax ass eppes Midsseisses.
Gromperkichelcher mussen kruppseg sinn.
Ech hat eng elle Bëls op der Bomm.
Den Ed ass heinsdo réffeg a falsch.
Deen huet mir eng opgehaang.
Wann ee gaapst, da gaapst dir mat.
D‘Lill ass eng houfreg Modi.
Den Tunn ass e verbretzte Blosaasch.
Den Néckel huet de Jemp ferm noneegemaach.